Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Friemepolice der Police judiciaire ënnersteet an datt an engem spezielle Service aacht Beamten schaffen, déi sech em Rapatriementer këmmeren;
- dee genannte Service vun nëmmen aacht Beamten 24 Stonnen a siwen Deeg an der Woch muss funktionell sinn an datt doduerch déi betreffend Beamte massiv iwwerlaascht sinn;
- d'Friemepolice keng "Autorité de décision" huet, ob eng Persoun muss rapatriéiert ginn oder net (de Bausseministère ass heifir zoustänneg), mee datt si dës Persoune just encadréieren a sech ëm den organisatoreschen Deel këmmeren;
- am Fall wou d'Polizisten um Terrain feststellen, datt sech eng Persoun, wéi et schéngt, illegal am Land ophält, dës Beamten sech net direkt un de Bausseministère kënnen adresséieren, mee fir d'éischt Kontakt mat der Police judiciaire mussen ophuelen, déi dann an enger weiderer Prozedur de Bausseministère kontaktéiere muss, wat opwänneg ass a vill Zäit kascht;

ass sech bewosst, datt

- bis dato ëmständlech a komplizéiert Prozedure bestinn, déi kéinte vereinfacht an zäitspuerend organiséiert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- dofir ze suergen, datt déi betreffend Prozedure rationaliséiert, méi séier a méi effikass ginn, fir d'Police a speziell d'Friemepolice bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen.